N°8201
Entrée le 29.08.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

**Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 8201 vum 2. August 2023 vun den honorabelen Députéierten Léon Gloden an Laurent Mosar**

**Froen ad 1) an ad 2)**

D'Froe vun den Hären Deputéierte mussen an de Kontext vun der Médiatisatioun vun eenzele Faite gesat ginn.

Wéi scho bei der Presentatioun vun de polizeileche Kriminalitéitstatistiken Ufanks dëses Joers präziséiert, ass festzestellen, dass eenzel Incidente grouss mediatiséiert ginn a vill iwwert d'Réseaux sociaux verbreet ginn, ouni dass dat awer statistesch aussokräfteg wier a Punkto Unzuel bzw. Representativitéit.

Och kann ëmmer nëmmen de Fait brut matgedeelt ginn, sou wéi e sech déi éischt Momenter duerstellt. Ëfters ginn awer no den éischten Enquête-Elementer Aspekter ersiichtlech, déi de ganzen Incident an engem anere Liicht erschénge loossen, mee déi aus Enquêtes—techneschen a prozedurale Grënn vun der Justiz herno net méi kommunizéiert kënne ginn.

Et gëtt eng generell Hausse vun der Kriminalitéit zu Lëtzebuerg, esou wei se och an de Noperlänner festzestellen ass. Allerdéngs ass zu de Statistike vun deene grave Faiten, op déi sech d'Froe vun den Hären Deputéierte bezéien, (Messerpickerei, Schéisserei) aktuell keng Hausse festzestellen, mee eng Tendenz zu enger Baisse. Aus deene bekannte Grënn, déi och ëmmer bei all Presentatioun vun de polizeileche Kriminalitéitsstatistiken erwäänt ginn, kënnen aktuell keng offiziell Zuele kommunizéiert ginn, well se e.a. nach ze vill fluctuant sinn.

Deen Trend vun enger Bäisse a verschiddene vun deene viséierte Faite vun dëser QP, ass iwwert déi lescht Méint konstant festzestellen.

**Fro ad 3)**

Aktuell weist déi cibléiert Preventiounsaarbecht vun der Police éischter positiv Entwécklunge vu verschiddene polizeileche Kriminalitéitsstatistiken an de vun dëser QP cibléierte Beräicher. Och geziilt Actions d'envergure an Enquêten, déi säitens der Police an Zesummenaarbecht mat der Justiz duerchgefouert goufen, weise positiv Resultater. Den MSI an d'Police wäerte weiderhin d'Situatioun analyséieren a mat dekompetente Partner zesumme schaffen fir adaptéiert Mesuren opszestellen an d'Police weider ze stäerken.

Lëtzebuerg, den 29. August 2023

De Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX